L'autre site, c'est le site NeiSchmelz ici au sud à la frontière de la France. C'était une zone de BEP. Mais comme pour la réalisation du PAP Nouveau Quartier ici, il y avait des lézards qui devaient être déplacés, il a été choisi de les déplacer ici. Et le ministère a demandé, pour vraiment garantir la survie des lézards et tout, et qu'il n'y ait pas de problèmes après, qu'on construise un bâtiment public. Donc ils ont demandé que ce soit reclassé en zone de verdure. Ça veut dire qu'on a réduit la zone de BEP au profit de la zone de verdure. Ici c'est la surface qui avait été discutée dans ce projet-là avec le ministère et [problèmes de son]. L'autre site s'aligne sur le PAP Quartier Existant où la zone BEP Équipements publics n'est plus dans la zone développable. Le quatrième site c'est au nord complètement du quartier Burange. Donc ici c'est la rue du Nord. Il y a eu un projet pour construire un bassin d'orage ici et le Ministère de l'Environnement a demandé pour vraiment avoir une sécurité juridique, que la zone ici, la zone agricole soit reclassée en zone de Bâtiments et d'Équipements publics pour garantir la faisabilité de ce projet-là. Mais ils ont exigé qu'il y ait une servitude Intégration paysagère sur le long du projet ici. L'intégration paysagère ça veut dire qu'il faut faire des plantations et tout. Et donc pour le ministère il n'y a pas de problème à ce niveau-là non plus et ça va éviter tout problème juridique. Donc ça c'est le projet qui est en cours d'étude je crois. Donc ça c'est l'extrait plus grand. Là aussi ceci aura

une implication au niveau du PAP Quartier Existant. On a ajouté ici la zone BEP Équipements publics au lieu de la zone agricole. Le site ici c'est CGDIS, donc ici il y a l'autoroute. Donc c'est une zone de Bâtiments publics, mais comme ici il y a un cours d'eau et il faut faire certaines compensations par rapport au cours d'eau temporaire, je crois que ce n'est pas un cours d'eau permanent, qui va être déplacé je crois. Le projet est à l'étude. Il va être renaturé je crois. Dans le cas de ce projet-là, le ministère a demandé, pour avoir une garantie ici aussi, qu'il y ait une zone de compensation. Donc c'est ici le long de l'autoroute, et la zone ici qui va être reclassée en zone de verdure tout simplement. Et ça aussi c'est validé par le ministère. C'est le projet de compensation qui était à l'étude. Là aussi cela a une implication sur le PAP Quartier existant, donc on a adapté les différentes zones.

Pour ce qui est de la partie écrite du PAG pour ce qui concerne le bassin, ah non pardon, dans le cadre de l'élaboration du PAP NeiSchmelz au sud il y avait un site qui était réservé pour mettre un réservoir pour le stockage d'énergie ou un château d'eau et le projet à légèrement évolué et ce n'est plus certain que ce soit un réservoir d'énergie comme tel, donc ils ont demandé qu'on modifie la surface et qu'on modifie un peu l'affectation de cette parcelle-là. Donc ça c'est simplement une précision suite à l'évolution du projet, c'est simplement pour éviter qu'il y ait un problème juridique. Et dans le même cadre, comme on a modifié cette zone-là on a aussi précisé la profondeur qui anciennement était de 60 mètres, maintenant on dit que la profondeur correspond au respect du recul. Donc ça ça concerne le dossier 4.

5. Approbatioun vun der Modification ponctuelle vum Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites

JEAN BRODEUR, URBANISTE-AMÉNAGEUR (ZEYEN ET BAUMANN): Le dernier dossier, qui est le dossier 5, donc le RBVS. On a modifié la partie écrite sur base d'un avis du Ministère de l'Intérieur et suite à l'application de la réglementation. Après une année il y a certaines choses qui sont apparues. Les deux premiers points ici c'est le ministère de l'Intérieur qui a demandé de supprimer. Ils ne veulent plus qu'on traite la notion de « Chambre meublée » en général. On peut mettre certaines prescriptions, mais pas de façon générale. Ici, ils trouvaient que ce n'était pas applicable, cette phrase-là concernant l'esthétique des abris de jardin. Ici on a simplement précisé pour l'accessibilité. On a mis que tout se réfère à la nouvelle loi sur l'accessibilité. On a simplifié l'article, on l'a complété avec ça. Pour ce qui est des emplacements de stationnement pour les deux-roues, donc là on avait 1,50 m net par vélo qu'on doit aménager dans un plurifamilial. Et là on additionne possibilité d'un accrochage qui fonctionne, on peut réduire les 1,50 m à 0,75 m. Si on peut mettre les vélos un par dessus l'autre on réduit la taille nécessaire pour l'emplacement de stationnement. Pour les ascenseurs, on a précisé que les dispositions devaient être conformes à la réglementation en vigueur. Les équipements techniques, cela a été transféré dans le PAP Quarter Existant. L'idée c'est, que lorsqu'il y a

un PAP Nouveau Quartier, on peut éventuellement avoir une autre façon d'aménager les pompes à chaleur et tout. C'est possible de le mettre peut-être sur un recul O, mais que ça soit aménagé de part et d'autre avec une cache ou un aménagement. C'est pourquoi qu'on l'a sorti du PAP du RVBS.

L'autre point, champ d'application, là aussi on a sorti les chambres meublées. Formes d'habitation, on a aussi sorti les chambres meublées. Pour ce qui est des surfaces nettes des logements, on a ajouté : « Que toute pièce destinée au séjour prolongé de personnes doit avoir une surface nette minimale de 10 m². » Donc ça c'est une question de salubrité. Pour les salles d'eau on a aussi sorti les chambres meublées. Protection contre le bruit. Donc ça ce sont des paragraphes qui viennent de la circulaire. Donc on a tout simplement repris les nouvelles prescriptions de la circulaire, qu'on a collées ici. Le seul point c'est que pour les 27 dB, nous on avait 32. Donc ça c'est intégralement ce qu'il y avait dans la circulaire. Donc ça aussi, c'est pour la mobilité réduite. On a tout simplement repris la loi et le règlement qui concerne ça. On a biffé ça. Et du fait même on a tout modifié, on a supprimé tout ça, puisque toutes ces choses-là sont définies maintenant dans le règlement grand-ducal. C'est une simplification.

Compte tenu du dossier relatif à la demande d'autorisation de bâtir, donc ça aussi ça vient du circulaire comme quoi les travaux de construction de moindre envergure d'assainissement énergétique peuvent être dispensés de certains documents. Ce n'est pas tous les documents qui doivent être fournis, mais certains documents. Pour ce qui est des plans de construction, là aussi c'est simplement une adaptation sur base des circulaires. Pour la surveillance des travaux, là on a précisé un peu l'article qui était ici, on l'a précisé suite à l'application au niveau des autorisations à bâtir. Et c'est tout.

Discussioun an Decisioun

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Da soen ech dem Jean Brodeur villmools Merci. En huet den Exercice gutt gemeet, sou prezis a komplett wéi méiglech ze sinn duerch déi dach komplex an technesch Matière déi de PAG, respectiv de PAP an d'Bauterèglement sinn. Ech wollt nach eng Kéier hei, éier mer lo d'Diskussioun hei opmaachen nach eng Kéier situéieren, a wéi engem Kader dass mer sinn. Dat hat ech bei der Intro vergiess ze soen. D'Diskussioun respectiv de Vott herno hei am Gemengerot, dat ass jo d'Mise en procédure vun der Modification ponctuelle, sou wéi d'Gesetz et virgesäit. Da brauche mer eng Rei Avisen a mir mussen dann och eng Enquête publique maache fir dat heiten an eng Informatiounsversammlung, alles no den Delaien, déi d'Gesetz virgesäit. Do hunn d'Leit, am Kader vun der Enquête publique, wéi dat bei der Refonte vum PAG och de Fall war, hir Reklamatiounen eranzeschécken. Da ginn natierlech och déi Auditioone gemeet, sou wéi d'Gesetz et virgesäit pour l'Aplanissement des différends. Dat ass jo e Moment, beim PAG hu mir dat och gemeet. An da gétt dat Ganzt natierlech eng Kéier opbereet an am Groupe de travail PAG, wa Reklamatioune géife rakommen, géif dat nach eng

Kéier zesummen duerchgekuckt ginn éier et erëm an de Gemengerot kënn, fir dann den zweete Vott ze huelen. Also et ass eng ganz analog Prozedur, sou wéi mer se och bei der Refonte vum PAG gemeet hunn. Just dass natierlech d'Envergure vun deene Modifications ponctuelles, déi mer hei huelen natierlech eng aner ass wéi bei der kompletter Refonte vum PAG. Dat wollt ech awer nach eng Kéier kloer viraussetzen. An elo ass d'Diskussioun op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn als éischt e puer Froen zu deene Punkten, déi mer lo hei virgestallt kritt hunn. Villmools Merci fir d'Presentatioun. Kurz und knackig, dat ass dat wat mer gär hunn. Ech hunn e puer konkret Froen. Dat mat der Gaffelt, mat der Gaffelter Schoul, ech hunn dat nach eng Kéier nogelies, wéi mer d'Diskussioun haten zum PAG am Oktober 2021, do hat ech schonn déi Fro gestallt gehat, ob mer do net, wa mer eppes klasséieren als Récréation - Aire de jeux, ob mer dat net géifen do ze vill hypothekéieren. Ass dat dowéinst, wou mer dat do mussen ëmklasséieren? An der Optik, dass wa mer herno vläicht eng Kéier un der Schoul schaffen a mer mussen e Container dohi stellen, do war meng Fro deemools scho gewiescht, ob mer dann, wa mer eng Zone Aire de jeux définéieren, ob mer do dærfen den Container dropstellen. Ass dat mat där Ursach an och mat där lwwerleeung gemaach ginn, dass mer dat do e bësse méi global halen an do da kënnen Auswäichméiglechkeeten hunn? Dat ass eng konkret Fro déi ech hat. Bei der BEP PS an der Kennedystrooss, dat hate mer jo scho gesot, dass mir dat hu mussen ëmklasséieren, well mir am Fong jo do just e Projet social wollte maachen. An dat hu mer elo verstanen, dass wa mer do een Deel vum Terrain awer als Tennisterrain erhalen, dass mer do mussen anescht klasséieren. Mir hunn dat lo och gemaach zu Butschebuerg, do ware mer och de BEP PS, also de BEP Projets sociaux. Deen hu mer lo och ëmgeännert. Hu mer da lo nach – ech hat lo net Zäit, nach eng Kéier nozekucken – hu mir dann elo awer nach konkret Sitten, wou mer e BEP PS hunn, wou mer wierklech just e Projet social dran hunn oder gétt et dat elo guer net méi? Wann ech dat richteg verstanen hunn, dann hu mer dat an der Partie écrite festgehalten, dass mer awer haauptsächlech dee Projet wëllen entwéckelen. Mee et gétt just an der Partie graphique net méi sou duergestallt an och net mat deem Code. Hunn ech dat richteg verstanen? Merci.

Da mat de Crèchen. Dat ass lo am HAB1. Dat fannen ech och ganz gutt, wann iergendwou eng Crèche muss opgemaach ginn, da fannen ech et och gutt, wann een déi Méiglechkeete kritt. 300 m² ass net nâischt. Do ass jo gesot ginn um Rez-de-Chaussée an um 1. Stack. Do hate mer jo och net ganz streng Reglementer mat de Parkplazen. Do ass meng Fro: Huet sech do iergendepes geännert? Well an enger HAB1-Zon ass et jo oft anescht, do huet ee vläicht net d'Méiglechkeete fir déi Parkplazen, déi mer bei deenen anere Crèchen hunn, do ass jo deelweis Parking pour personnel virgesinn an da Parking Client hate mer gesot gehat, eng sou eng Kiss-and-Go Parkplaz. Ännert sech do eppes oder bleift dat sou? D'Waldschoul, do sinn ech och ganz frou, dass et méiglech war, aus der Verdure-Zon eraus eng Zone d'Equipements publics ze maachen. Dat

bréngt mech dann natierlech zu där Fro, déi ech och schonn deemools gestallt hat am Oktober: Wéi ass et zum Beispill, ob mer och aner Méiglechkeeten hunn, wa mer eng Zone d'Equipements publics géife maachen an enger Zone de verdure, ob mer dat och kënne entwousch anescht maachen? Dir wësst genau wat ech mengen. Dat ass z.B. d'Crèche Italien, déi ëmmer gären en Haische gehat hätt an der Mëtt, wa se roppinn op d'Haard. Well déi kleng Butze vun 2 Joer, déi packen net de ganze Wee fir erop a fir erëm erof. Do wär et flott, wa mer en Ënnerschlupf hätten. Da komme mer natierlech an d'Diskussioun: Wat ass en Haischen? Wat ass en Ënnerschlupf? Dat ass déi ganz Affair. Ass dat eppes, wat zu zwou Säiten op ass, dräi Säiten op ass? Mee besteet prinzipiell d'Méiglechkeet, sou wéi hei, aus enger Zone de verdure eraus, ee klenge Site ze definéieren an ze soen, dat ass Zon d'Equipements publics. Dat wär eng Ouverture, déi mer dann och kéinten eiser Crèche offréieren, well ech weess, dass do d'Demanden nach ëmmer lafen an dass mer do awer nach net richtig op e gréngen Zweig komm sinn. Mee wéi gesot, dat fannen ech flott, dass mer eis do bei der Waldschoul e bësse méi Méiglechkeeten ginn hunn. Mee selbstverständlech ass dat och gutt, dass mer sou Enklave wéi déi Beem mussen erhalen. Dass een dat dann net einfach Mordikus opgëtt. Ech mengen dat ass scho gutt esou.

Zu de Gebailechkeeten, déi vun der Protection communale an d'nationale ginn, dat fanne mer eng wichteg Saach, eebe well et och Saache sinn, déi musse geschützt ginn. Ech denken do un d'Butschebuerger Kapell an och un de Bauerenhaff niewendrun. Ech kann lech do vläicht och elo d'Informatioun scho ginn, dass de Regierungsrot am September den Aval ginn huet fir eng Finanzéierung fir dat Linashaus, wéi mer soen, fir dat ëmzebauen. Do ass de Kierchefong an d'Oeuvres paroissiales, déi sinn do dohannert mam Ministère de la Famille, virun allem de Ministère de la Famille, deen huet de Lead. An do ass mat ProFamilia geschwat ginn an do kann ech lech vläicht elo scho soen, dass mer do scho ganz wäit sinn um plangen och mat der Gemeng zesumme selbstverständlech, wat méiglech ass, fir do e Kannerfoyer opzemaachen. An dat wär ganz flott. Mir si lo réischt an den éischte Schrëtt fir dat ze plangen, mee dat géif awer eng flott Beliewung vun deem Quartier ginn an eng flott Besspillung vun deem ganz flotte Gebai. Natierlech ass et net ëmmer einfach, wann een e Gebai huet, wat national klasséiert ass, wann een dann och nach d'Krittäre muss respektéieren, déi ee brauch, fir kënne e Kannerfoyer opzemaachen. Mais bon, mir sinn awer als ProFamilia immens frou, das mer do eng flott Possibilitéit hunn, a mir hoffen, dass dat dann och gutt geet.

Da kommen ech natierlech, op Koibestrachen ze schwätzen. Dir wësst, do war eng grouss Diskussioun am Oktober. Mir haten e puer Punkten opgezielt, firwat d'CSV de Projet vum PAP net matgestëmmt huet. Do war ënnert anerem iwwer Koibestrache Rieds, wou mir fonnt hunn, dass mir do net wäitsiichteg genuch geplangt hunn an deene leschte Joren an dass mir den LNS do auf weiter Flur ganz eleng stoe gelooss hunn als Gemeng, an dass d'Gemeng do hätt misse méi proaktiv virgoe fir dee Site ze bespillen.

Mir wëssen et ass eng Zone nationale, Zone fir d'Technologie de la santé et de l'informatique. A mir hu fonnt, dass mir dat e bësse verschlof hunn. Deen LNS, dee steet do ganz eleng auf weiter Flur ganz einsam und verlassen. Mir hu fonnt, dass do missten Aarbechtsplaze geschaf ginn, et hätte kënne Servicer vun der Biotechnologie, Biohealth kënne dohinner goen. Mee bon, Esch huet d'Nues vir. Déi erweideren hir Zonen, an déi hunn dat elo dohinner gelootst. Et huet elo kee Wäert, weider ze kräischen, dass mir als Diddeleng dat e bësse verschlof hunn. Mee bon, et ass eeben elo esou. Mir kréien dann elo en erweiderte Staatslabo, wat jo besser ass wéi näischt, mee wou och déi Fro sech wäert stellen, 200 Aarbechtsplaze sollen dohinner kommen. D'Fro ass elo, wéi geet et do weider mat de Parkméiglechkeeten? Well dat muss ee jo awer och soen. Wa mer nach 200 Leit dohinner kréien, da kréie mer och sou vill Autoen dohinner. Et geet schonn näischt eran an eraus wann déi Leit ophale mat schaffen. Déi stinn dann deelweis am Stau fir an de grouss Rond-point ze kommen, oder se probéiere krampfhaft aus där klenger Ausfaart Lëtzebuergerstrooss no lénks ze fueren. Wat ass do ugeduecht? Do huelen ech jo wuel un, dass do och e Planning ass? Éischtens mol mam Parkraum. Wou maache mer do e Parking hin? Zweetens, ech soen nach ëmmer, dass d'CSV déi Iddi hat, fir do eng Stéchstrooss ze maache laanscht de Staatslabo, hannenhin op d'Näerzengerstrooss. Dat ass awer net gewënscht an net gewollt oder och net gekonnt. Egal wéi.

Ob jidde Fall, wa lo nach 200 Leit dohinner schaffe kommen, an da komme jo nach d'Zulieferer a sou weider an d'Baufirmen a sou weider. An da gëtt dat ganz lusteg op där Plaz. An do ass nach eng Kéier meng Fro: Firwat net weiderdenken an awer eng Stéchstrooss maachen entweder eriwuer op d'Näerzengerstrooss oder, wéi och mol eng Kéier ugeduecht war, eng Sortie spéciale fir de Staatslabo ze maachen vun der Autobunn, vun der A13 erof, wann ee vun Esch kënnt? Da wéinstens déi Leit sou ze drainéieren, dann hätt een och den Aldi kënne vun hanne bespillen. Dat war och eng Diskussioun, déi mer deemools haten, wéi mer – Pardon – de Lidl dohinner gesat hunn, dass dat och e Problem wär mat der Zoufaart. Ech mengen dat wësst Dir och, wann Dir all Dag op der Lëtzebuergerstrooss am Stau stitt da kommen déi och nach rausgefuer aus dem Lidl. Do ass lo meng Fro: Wat gedenkt do de Staat ze doen? Well ech huele jo un, dat doten ass jo ënnert der Egid vum Ministère komm, well dat jo déi Zone nationale ass. Wéi ass dat mam Verkéier, mam Parking geduecht? Zweetens, mir hunn eng Zone nationale, dat hunn ech elo grad erwäant, mee et ass awer och nach en Deel Zone communale. Wann ech elo uewe gesinn, dat Stéck, dat war mixte-urbaine. Dat Stéck uewen, gehéiert dat zu eiser kommunaler Zon, wat mir lo dem Staat ginn? Kréie mir do eppes Aneschtens? Wéi wäit ass de Staat mat der Acquisitioun vun deenen Terraine ronderëm? Dat war ëmmer eppes, wat ugeduecht war, dass déi Zon sollt entwéckelt ginn. Den Här Buergermeeschter war 2021 ganz zouversichtlech, dass dat ruckizucki géif goen an dass de Staat ganz fläisseg wär, sech do Bauland ze schafen a sou weider fir do eppes ze plangen. Do kënnt Dir eis haut jo vläicht konkret soen, wéi wäit mer do si mat deene Plannungen? Wat kënnt nach do an déi Zone nationale? Wat kënnt an déi Zone communale? Wéi ass

et mat der Acquisitioun vun deenen Terraine ronderëm, déi deelweis oder zum gréissten Deel a privater Hand sinn? Wéi wäit si mer dann do scho virukomm, dass mer déi ganz Saach do schonn e bësse kënnen bespilleren?

Bon, da kommen ech och zu engem Punkt, wéinst wat mir och deemools de PAG net mat gestëmmt hunn. Dat ass de CGDIS. Wie wonnert et, mir krute lo gesot, mir mussen do Kompensatiounen maachen. Ech zitieren just nach eng Kéier meng Interventioun 2021: „Och d'Commission d'aménagement huet an hirem Avis ganz kloer dofir plädéiert, dass mer de Superposé, ledit Cours d'eau, deen do leeft, d'une Zone de servitude d'urbanisation Cours d'eau, do musse Mesure geholl gi fir d'Espèce protégée ze schützen.“ „Le cours d'eau est accompagné de structures vertes, protégées selon l'article sou an esou.“ An do hunn ech scho gesot gehat, déi loosse sech dat net einfach sou gewäerden, mee där Interventioun vun der Commission d'aménagement, där hu mir net Rechnung gedroen, wéi mer eise PAG ausgeschafft hunn. An du huet et geheescht, mir verleeën einfach de Laf vun der Baach, déi do iwwert deen Areal leeft, an dann ass dat an der Rei. Neen, et ass net an der Rei. Dat hu mer lo hei gesinn. Et ass net nëmmen d'Baach. Éischtens mol wësse mer net, klappt dat mat der Verleeung vun der Baach? Et ass lo eppes ganz anescht gesot gi wéi fréier gesot ginn ass. Et ass gesot ginn 2021: „Le cours d'eau sera déplacé.“ A lo hutt Dir elo grad gesot „sera renaturé“. Bon, dat sinn zwee Puer Schung. Renaturé. Wéi wëlle mer dat maachen? Gëtt dann de CGDIS op eng Baach gebaut oder wéi? An do plätschert da Waasser derduerch? Dat musst Der eis dann awer erklären, wéi Dir dat gäre maacht.

An dann déi Zone de compensation. Lo kënnt genau dat, wat ech 2021 gesot hunn, mir mussen do eppes maachen. An dann, wat Der elo iwwerhaupt net erwänt hutt, dat ass de Käschtepunkt vun där ganzer Affär. Dat Ganzt kascht eis 640.000.- Euro. 640.000.- Euro! Méi wéi eng hallef Millioune mussen mer Kompensatioun bezuelen. Dann dierf et awer wuel erlaabt sinn, dass een awer nach eng Kéier seet: Firwat hale mir mordikus un deem Site do fest? Ech wëll net méi d'Diskussioun héieren oder virgeworf kréien: Jo, d'CSV ass dergéint, dass de CGDIS e Site op Diddeleng kritt. Dir wësst genau, em wat et gaangen ass. Beetebuerg hat eis proposéiert, mir maachen de CGDIS zesummen, Beetebuerg-Diddeleng. Dat hei gëtt jo och e CGDIS zesumme Beetebuerg-Diddeleng op der Beetebuerggerstrooss, an dee Site wär fäerdeg gewiescht, do stéing lo scho laang e CGDIS drop. Bref, ech soen et just. Ech hat deemools scho gesot 2021, dat do gëtt eis net sou duerchgewéint. An et ass och esou. En plus kascht dat eis 640.000.- Euro fir déi Zone de verdure supplémentaire ze maachen. Wat menger Meinung no sécherlech net schlecht ass, dass do Gréngs dohinner kënnt. Mee ass dat doten dann néideg? An zweetens: Wie bezilt dat doten? Bezilt d'Gemeng dat eleng oder den CGDIS? Natierlech bezuele mer dann indirekt och, well mer jo och de CGDIS mat finanzieren. Mee et ass awer eng Fro, déi dierf awer mol gestalt ginn. Firwat hale mer mordikus un deem CGDIS-Plang fest? Sot lo net, dat ass am PNOS, do steet et och dran an et ass vun de Leit am Verwaltungsrat vun CGDIS och accordéiert ginn. Jo,

déi hunn hiren Aval ginn. Dat ass jo och schéin a gutt. Mee ech hunn lech jo och gesot, am PNOS stoung sou en hallwe Saz dra vun Site Diddeleng-Beetebuerg. Mee ech loosse mech ganz gär eppes Besseres belieren, wann Dir lo sot: „Hei dat do ass Peanuts, mir maachen dat Waasser an der Rei an e bëssen déi Verdure, an da fänke mer d'nächst Joer un, do deen Zenter opzebauen, dass eis Pompjeeën endlech kënnen plënnere. Well mir brauchen dee Site wou se lo setzen op der Lëtzebuerggerstrooss, dat wësst Der ganz genau. Do impaktieren mer dann eis Büroen, eis Atelier. Do sinn nach aner Saache geplangt fir op deem Site ze maachen. Wéi gesot, dat ass e Rateschwanz hannendrun. An e bësse „Schadenfreude“, dat ass e bësse béis, mee ech hunn awer e bësse misse grinsen, wou ech dat hei gelies hunn. A wann ech nach drun denken, wéi ech hei fäerdegemaach gi sinn, oder villméi versicht ginn, fäerdegemaach ze ginn, wat net sou einfach ass, mee do hat ech awer trotzdem Recht. Reklassement vun der Gréngzon och bei Neischmelz ass gesot ginn. Do ass meng Fro: Wéi vill kascht dat? Kascht dat eis eppes?

Also wéi gesot, e puer konkret Froen hat ech. Déi aner Saachen... bon, dont acte. Et ass domm gaangen. Mir sinn net ganz zefridden, dass déi ganz CGDIS-Geschicht nach ëmmer um Dësch läit an eis méi Misär mécht a Kappzerbrieches mécht, wéi mir dat am Ufank sou dohigestallt kritt hunn. An dofir hätt ee sech am Fong besser gedoen, schonn 2021 déi Remarken, déi vun de Ministère kommen si seriö ze huelen an dorobber och agoen, an dat net als Remarque négligeable dann ofzewimmelen. Wéi gesot, lo kascht dat eis eng gutt 640.000.- Euro, ech widderhuelen et nach eng Kéier. Mee d'Fro ass, ob dat wierklech néideg gewiescht wier, dass mer déi Suen – ech weess och net, wou mer se hierhuelen – da musse mer déi an de Budget setzen. Firwat mer déi Sue lo mussen hei opferen, well sou vill hu mer der net méi a mir musse genuch Prête maache fir aner Saachen. A fir sou eng Kompensatioun ze maachen, ob dat wierklech néideg war. Voilà, merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech hunn eng allgemeng Reaktioun zu deem Ganzen, keng weider Detailfroen, well ech war selwer am Groupe de travail. A fir d'éischt wëll ech natierlech de Groupe de travail begréissen, dat mer dat haten. Well et war scho ganz interessant. Mir souzen zimmlech laang do, verschidde Saachen duerchediskutieren an duerchzekucken. Dofir ass dat definitiv an déi richteg Richtung gaangen, datt mer do zu e puer Experten, soen ech mol, konnte matschwätzen. Fir eis ass et wichteg, datt mer och de PDAT, de Programme directeur vun der Landesplanung an Zukunft betruechten, sief et fir nei PAPen oder souguer fir de PAG. Well hei ass et immens wichteg, datt mer net nëmmen eng gutt Planung hunn, mee datt mer och dat Richteg kënnen um Terrain ëmsetzen. Stéchwuert Versigelung. De PDAT erkläert ganz explizit wéi mer dat kënnen matdroe fir eng gutt Transitioun ze kréien. Fir méi gréng a méi ökologesch a waasserduerchlässeg Parkplazen a méi gréng Diecher. Dat sinn alles Saachen, déi immens wichteg sinn an wierklech, e waarmen Appell hei op dëser Plaz, de PDAT matbetruechten. Eis ass et och wichteg, wann ee sou e PAG mécht, dann huet een natierlech als Mënsch ëmmer en Impakt op d'Biodiversitéit, op dat Gréngs

ronderëm. An dofir muss een och mat deem Buedem, deen ass endlech, rationell, optimal an effikass ëmgoen an dat och optimal benotzen. Natierlech ass e gudde PAG och d'Basis vun enger gudder Liewensqualität. An deem Sënn kann een iwwer de PAG immens Villes steieren. Zum Beispill d'Ekonomie vun enger Stad, andeems een déi richteg Zonungen ausschreift, Commerce, Industrie an Artisanat. Dat ass wichteg fir d'Liewensqualität a fir Aarbechtsplazen an enger Stad. Mee och fir eng Sécherheet. Sécherheet engersäits fir den Accès a punkto Urgencen, ech soe lo mol Pompjeeën oder Ambulanzen, dat muss ee matbetreuechten. An ëmmer méi kënnt e Punkt vun der Sécherheet vun de Leit an d'Sécherheitsgefill. Dat sinn alles Punkten, déi awer iwwer de PAG zum Deel kënnen geregelt ginn.

Déi Ännerungen, déi mer hei duerchgefouert hunn droen zu engem gudden Deel bäi, verschidden Onkloerheeten opzehiewen, déi mer an der Bautekommissioun haten, wou mer eis oft gefrot hunn, wéi solle mer dat traitéieren. An deem Sënn ass dat ze begréissen, well vill Saache sinn elo méi kloer. Am Interêt vun de Leit an natierlech méi Flexibilitéit. Schued fir eis ass natierlech datt mer dës Modification ponctuelle unhuelen an de Sujet vum Tiny House, ech wëll wierklech net drop reiden, mee dat ass awer trotzdeem eng Saach, déi vu verschidde Leit gefrot gëtt, datt mer dat dës Kéier net mat opgeholl hunn. An ech wëll gären op dëser Plaz froen, ob mer kéinten dee Circulaire kréien, dee vum Inneministère ausgeschafft gouf? Ech weess elo net, ob d'Gemeng dat scho krut oder net. Ob jidde Fall hunn ech elo net an Erënnerung, datt mir dat als Gemengerot kritt hunn. Ech weess awer, datt do eppes ausgeschafft ginn ass an et wier interessant, fir dat och ze kréien. Jo, allgemeng sinn et Ännerungen, déi déi Kreatioun vu Wunnengen, natierlech och vun abordabele Wunnengen, och fir d'Locatioun, stimuléieren. An dat heescht och allgemeng fir den Interêt vun de Leit spillen. Mir dierfen awer och op dëser Plaz net vergiessen, well et ass natierlech immens wichteg, fir Wunnengen ze bauen, mee et ass och immens wichteg, déi néideg Infrastruktur ronderëm ze hunn.

A wéi mer scho wëssen, si 70% vun den Awunner hei zu Diddeleng, déi fuere moies fréi mam Auto raus an owes méi spéit erëm eran. A wien dat matmécht, dee weess, datt dat wierklech eng Plo ass. Eleng vun Diddeleng raus, deemno wéi, wou ee wunnt, brauch een 20 Minutten. Dat heescht Stéchwuert, et muss ee méi multimodal Léisunge fannen, méi multimodal Léisungen ubidden. Ech wëll eis Iddi net permanent widderehuelen. Eng aktiv oder eng douce Mobilitéit ass immens wichteg, fir engersäits natierlech de Stau opzeléisen an andersäits iwwerhaupt eng nohalteg Entwécklung kënnen ze ënnerstëtzen.

An de leschte Punkt, deen eis um Häerz läit, dat ass de Punkt vum INPA. Et ass immens gutt an immens wichteg, datt natierlech engersäits d'Gemeng Gebaier klasséiert, mee well och den INPA verschidde Gebaier klasséiert huet. Jo, mir sinn an enger Logementskris, mee et ass sécher net sou, datt den Albau oder eise Patrimoine soll Opfer vun deem Ganze ginn an datt mer dat einfach ofrappe fir da modern Këschten dohinner ze setzen. Déi zwee mussen natierlech zesammen traitéieren.

ert ginn, mateneen traitéiert ginn an dierfen net géinteneen ausgespillt ginn. An dat ass eis Stellungnam. Méi détailléiert Froen hu mer net, well mir ware ganz laang am Gaangen, mam Grupp dat Ganzt auszuschaffen. An op dëser Plaz Merci dem Bureau, dee ganz kompetent ass mee natierlech och eisem Service d'urbanisme et d'architecture.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert. Och vu mir e grouse Merci fir d'Presentatioun, souwuel haut den Owend wéi och am Groupe de travail. D'Madame Ahmedova huet virdu gesot, mir hätten do kënnen als Experte matschwätzen. Also ech muss soen, ech si wierklech alles anescht wéi en Expert do. An trotzdeem war dee Grupp de travail do awer immens gutt préparéiert fir och Laien, respektiv Leit, déi nei dobäi sinn och ze erlaben, sech e bëssen do ranzeschaffen an dat war alles relativ verständlech. Ech wëll och just e puer méi détailléiert Remarque maachen zu deene verschiddene Sujeten.

Den Dossier 1. Natierlech begréisse mir d'Vergréisserung vum LNS. Dat sinn immens wichteg Aktivitéiten, déi hei op Diddeleng kommen an déi och wichteg si fir de Standuert. D'Fro, déi virun allem vun der CSV opgeworf gouf wat lo de Parking ugeet, ech mengen, déi ass effektiv berechtigt. Do muss ee sech just froen, wéi een déi ganz mobilitéitstechnesch Fro do ugeet. Et dierf een och op kee Fall den ëffentlechen Transport vergiessen. Bon, mer hu jo schonn de Busarrêt do. Do besti vläicht nach Méiglechkeeten, fir dat nach méi attraktiv ze maachen, well mir mussen awer och op mëttelfristeg Dauer dovunner ewechkommen, dass mer automatesch dovunner ausginn dass d'Leit all Dag mam Auto schaffe ginn an erëm heemfuere. Déi puer Extensiounen vun de Schoulen, dat ass natierlech eppes wat mer wierklech begréissen, virun allem lo bei der Gaffelt an och an der Waldschoul. Dat si flott Projeten, déi do kënnen Entstoen an dowéinst wäerte mir déi Punkten natierlech och matdroen, a mir freeën eis dorobber. Wa mer bei der Waldschoul sinn, dann ass ee jo effektiv an der Fro vun der Natur, wann een elo eng Zone de verdure ëmklässiert an eng BEP. Mee ech mengen op dësem Punkt mécht dat ganz sécher Sënn. Ech hunn och an deem Sënn de Punkt, deen d'CSV opgeworf huet, interessant fonnt fir d'Crèche. Ech ka mer virstellen, dass et eng aner Saach ass, wann een eng Zone BEP just vergréissert, wéi wann een elo an eng Verdure eng nei Zone BEP mécht. Mee et wär op alle Fall awer interessant, dat eng Kéier ze préiwen, ob do Méiglechkeete bestinn.

A wa mer da scho bei de Zone verte sinn a bei deenen Ëmweltfroen. Déi verschidde Kompensatiounen, déi mer hei hunn, déi droe mir mat, lo mol onofhängeg dovunner, wien herno wäert déi Kompensatioun bezuelen oder firwat déi musse gemaach ginn. Mir gesinn dat hei mol just um Standpunkt PAG. A wann eng Zon vun enger Industriezon an eng Zone verte ëmklässiert gëtt, da gesi mir dat mol einfach positiv a mir droen dat mat, onofhängeg dovunner, wien dat dann herno wäert bezuelen. An där Logik ass natierlech dat Eenzegt, wat engem an der éischer Minutt kann eng Kéier e bësse wéidoen am Häerz, wann den Här Buergermeeschter vun enger Erweiderung vum Perimeter schwätzt. Mee wann een da kuckt, wourëm et hei geet, dann ass et

natierlech ganz verständlech, déi Vergréisserung vun deem Rücklaufbecken. Ech mengen, déi ass zum engen néideg an zum anere geet et jo hei ëm eppes ganz Limitéiertes, wou mer de Perimeter erweideren.

Punkt Bauteschutz, do kann ech och just nach eng Kéier ralliéieren, wat déi Gréng gesot hunn. Dass een natierlech muss béides zesumme gesinn an dass ee lo do net kann alles ofrappen. Dowéinst si mer och ganz frou, dass mer do op dee Wee ginn, och op nationalem Niveau, fir eise Patrimoine do ze schützen. Dat gefällt eis och ganz gutt. An obwuel ech am Groupe de travail war, ass mer dunn awer herno nach eng Fro opkomm, déi ech dann hei wäert stellen, an dat ass zum Punkt Logement. Also mir hu scho verstanen, firwat déi Zone BEP PS sou kee Sënn maachen, well ëmmer d'Iddi ass, dass een awer gewëssen Infrastrukture muss schafen, déi jo dann net onbedéngt Logement sinn oder aner Equipement publiquen. Et ass jo och wichteg, dass een do ëmmer déi Mixitéit huet. A wann ee muss en Equipement public oder eng aner Infrastruktur schafen, dass een do och déi Méiglechkeet huet, dat versti mer. Trotzdeem steet elo an der Partie écrite vum PAG, ech hat dat nogekuckt, dass déi Sitten, déi mer hei nennen: „sont à développer prioritairement en logements locatifs à caractère social ou abordable“. Dat ass natierlech gutt, mir wësse wat dat heescht. Ass dat dann elo awer dann och 100% sécher, dass dann do och abordable Logement geschaf gëtt? Dat ass e bëssen eng Fro fir mech. Also „prioritaire“ ass fir mech net „absolument“, wéi virdru gesot gouf. Dat ass nach e klengen Ënnerscheid. An déi Fro kennt natierlech nach méi grouss op bei de Projete Menkeswiss an an der Grand-Duc Adolphe, well do wiessele mer net op eng Zone BEP, do wiessele mer an eng HAB2. Dat heescht, do ass et guer net sécher, ob do da wäerten ëffentlech Wunnenge geschafe ginn. An do wäere mer frou, wa mer kéinte confirméiert kréien, dass do awer ëffentlechen abordable Wunnraum geschaf gëtt. Dat war et. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll lo hei net nach eng Kéier op all Punkt zrëckkommen, soen awer Merci fir déi schéin a propper Presentatioun. Ech hu just eng kleng Fro zum Baseng an der Rue du Nord, zu Biereng, deen direkt lénks niewent deem... et misst da lescht Haus op der rietser Säit sinn, gebaut soll ginn. An zwar kennt déi Fro, well ech des lescht mat engem Bauer geschwat hat iwwer d'Renaturatioun vun de Baachen an dee mer gesot huet, dass eis Virfaren net ouni Grond de Spuet erausgeholl hu fir déi Baachen ëmzeleeden. An zwar ass et dorëms gaangen, dass Krankheete solle vermidde ginn, virun allem duerch Moustiquen a sou weider. Wa mir dee Baseng direkt do niewent dat lescht Haus bauen, wëll ech just froen ob dat herno kee Problem gëtt? Éischtens duerch d'Insekten, déi dann direkt bei deem Haus sinn, wou mengen ech och Kanner wunnen, an d'Kanner déi spillen och gären do am Bauer senge Wisen, dat hunn ech deemools als Kand och esou zu Biereng gemaach. An zweetens, net dass do eng Kéier eent do ra fällt an erdrénkt. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech géif lech Merci soe Jean Brodeur awer och der Ekipp vum SAD ënnert der Leedung vum Cathy Mambourg fir d'Presentatioun, mee

awer och fir den Accompagnement ronderëm am Groupe de travail an och anerwäerts. Et sinn e ganze Koup Modification ponctuellen hei mat deene mer konfrontéiert sinn. Si si gutt fir dass eenzel Projete lo iwwerhaupt kënne realiséiert ginn. Dofir muss ëmklasséiert ginn op eenzele Plazen. Mee wéi gesot, dat mécht awer trotzdeem Sënn. Zum Beispill am Koibestrachen, wann ech domat ufänken. Hei kouv d'Demande jo vun hinne fir de PAG PAP Quartier Existant ze modifizéieren, well se jo e gréissere Vergréisserungsprojet plangen, deen et erlaabe wäert, déi aktuell mee awer och déi zukünfteg Bedierfnesser wat d'Santé ugeet, kënnen ofzedecken. Elo scho felt et un den néidege Raimlechkeeten.

Geplangt sinn nei Aktivitéitsfelder, entre autres e Centre de Recherche, eng Medical School a Kollaboratioun mat der Uni, e Centre de Recherche, Zentralisatioun vu Labosaktivitéite vun de verschiddene Spideeler a sou weider. Also dat ass schonn e gréissere Projet d'envergure, wou da bei déi 480 Mataarbechter nach eng Kéier eng 220 nei Aarbechtsplaze solle geschaf ginn. Dat ass awer immens gutt fir eise Site an och fir Diddeleng. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, dass elo op eng Kéier scho panikéiert gëtt mat dem Parking. Dat hei ass den Ufank. Den LNS, dat ass den Ufank. Niewendru läit nach eng Zone spécifique nationale. Dat heescht, do wäerten an deenen nächste Joren a Joerzénkten nach Projete bäikommen. De Raccord vun der Autobunn ass jo am Fong geholl direkt do. Wann do méi bäikënn wéi lo just de Labo, dee sech vergréissert, da kann ech net verstoen, firwat dass mer alleguerten drop drängen, dass nach a nach sollen aner Projeten gebaut ginn, Biotech an hei an do, dass dat op eng Kéier soll op Esch kommen. Bon, OK, wéi gesot, d'Terraine sinn net prett, si musse jo kaaft ginn. Mee an a fir sech musse mer mat där Realitéit liewen. An ech mengen och gelies ze hunn dass den LNS och de Problem vun de Parkplaze souwisou an de Grëff wëll kréien. Si bauen ënnerierdesch gréisser Parkingen. Si hunn dach elo scho Parkplazen, an dann denke se jo och effektiv un den Transport public, dee gëtt jo souwisou schonn an déi do Quartieren a ronderëm a fir op Beetebuerg geleed.

Am Dossier 2 wollt ech just, wou et ëm d'Mise à jour vun der Partie écrite vum Quartier Existant geet, nach e klengt Wuert zum Artikel 18.5 soen, de Panneaux solaires. Do hate mer e klenge Circulaire hei vum Ministère de l'Intérieur, Environnement an Energie virleien, deen als Objet d'„Harmonisation de la réglementation communale en matière de sources d'énergie renouvelables et les travaux d'assainissement énergétique du bâtiment“ huet, a wou Texter fir de PAP Nouveau Quartier a Quartier Existant a fir d'Bautereglement proposéiert ginn, déi d'Gemenge gebiede sinn ze iwwerhuele fir eng gewëssen Homogenitéit an de Reegele ënnert de Gemengen ze hunn. Déi meescht Propose si jo gutt an iwwerholl ginn, zum Deel mat liichte Modifikatiounen. Besonnesch déi fir d'Bautereglement, déi sinn eis e bëssen ze wäit gaangen. Notamment déi vun den „Travaux de moindre envergure non soumis à autorisation“. An déi sinn dofir och net iwwerholl ginn, well do soss d'Kontroll géif komplett verluer goen. Wa jidderee kann ufänken, selwer Aarbechten ze maachen, quitt dass et travaux de moindre envergure solle sinn, da muss een natierlech wëssen, dass dat op eng Kéier Chaos géif

ginn an een op deen anere mam Fanger weist, sou dass et besser ass, dass dat ënnert der Kontroll vun der Gemeng bleift. Wou mer am Groupe de travail e bësse méi laang diskutéiert haten, dat war iwwert d'Panneaux solaires a méi spezifesch iwwert d'Propos vun Zeyen & Baumann, déi allerdéngs net erwänt gëtt an der Circulaire an zwar ob mer Solarpanneelen am Recul postérieur zouloossen. Besonnesch a wat fir engem Gréis-severhältnes. Do war méi Diskussioun. Mee wéi gesot, bei klengen Terrainen, wat d'Majoritéit jo hautdesdaags ausmécht, bleift jo am Recul net méi vill Gaart respektiv Gréngfläch iwwreg. Besonnesch wann een dann och nach ee Meter vun der Limitt vum Terrain muss bleiwe fir d'Panneauen opzeriichten. Sou gouf sech op eng Proposition vu 25 % vun der Fläch geeenegt. Et muss ee kucken, ob dës Méiglechkeet op Interesse bei de Leit stéisst. Bei Leit mat gréisseren Terraine kéint dat éischer de Fall sinn. Et ass à voir.

Am Dossier 3 dann, wou et ëm 8 punktuell Modifikatiounen an de Parties écrite et graphique vum PAG geet, do séi als éischt de Site Gaffelt erausgegraff. D'Gemeng huet also weider Fläche beim Site Gaffelt kaaft. Notamment de Mini-Stade an der Rue des Chemins de fer an zu der Rue des Chemins de fer hin. Dës Fläche ginn an der HAB2 an d'Zon BEP reklasséiert, fir de Schoulsite kënnen ze erweideren, respektiv ze konsolidéieren, fir sou Méiglechkeeten ze hu fir pädagogesch Aktivitéite kënnen ënnerzebréngen, beispillsweis Héichbeeter, Classes vertes, asw. Vu dass d'Gemeng ganz aktiv am sozialen an abordabele Wunnraum ass an nach méi wëll ginn, si gläich e puer Modifikatiounen op verschidde Sitte virgesinn. Et ass schon ugeklonge virdrun, Kierchhäckchen am Quartier Butschebuerg, wou d'Gemeng Bauhär vu sozialem an abordabelem Wunnraum soll ginn, déi aktuell als Zon BEP PS Projet à caractère social et abordable klasséiert ass, gëtt dës Zon elo einfach an d'Zon BEP einfach Stade Meyer reklasséiert. Dëst well net nëmme Wunnengsbau, mee och aner effentlech Strukturen, notamment Sportinfrastrukturen a sou weider, heihinner kommen. Änlech ass et um Site vun den Tennisterrainen. Hei soll den Terrain jo opgedeelt ginn zur Hallschecht Tennis an zur Hallschecht Logement social abordable. D'Zon BEP PS gëtt och hei reklasséiert an eng Zon BEP. Dëst well net just Wunnengsbau, mee och aner Funktiounen do sinn. Notamment dann de Sport, notamment den Tennis.

Am Site Eecherdall, wou d'Spillschoul war an eebenfalls an der Menkeswiss, do soll jo och sozial abordable Wunnraum geschaf ginn. Hei ginn awer d'Zonen BEP an HAB2 reklasséiert, well hei just Wunnengsbau entsteet. Allerdéngs muss een och soen, dass et de BEP PS net méi gëtt. De PS ass gestrach ginn. An der Partie écrite vum PAG stoung virdrun am Artikel 4, Zone de bâtiment et d'équipements publics, déi jo virgesinn ass fir d'Constructioun vun Equipementer an der Utilité publique, Logements locatifs sociaux dran. Dat gëtt eeben elo ersat duerch Logements locatifs à caractère social ou abordable. Awer am BEP QE, Zone d'habitation Q2, kënnt de Secteur HAB2 PS fir sozial abordable Wunnengsbau an engem Eefamilljenhaus oder an engem Logement collectif vu maximal 8 Unitéiten bei an iwwerhëlt am Fong geholl d'Partie écrite vum PAP Quartier Existant vun der Zon BEP. Dat heescht,

do wäeren weesentlech Punkten z.B. dass déi Immeublen am HAB2 PS och kënnen op 3 voll Niveauen, dat heescht, dräimol 15 Meter, déif gebaut ginn. D'Héicht vun de Konstruktiounen kann eropgoe vun 12,5m op 15 m. An d'Déift am Sous-sol kann z.B. bis op 24 Meter goen. Dat ass also quasi den Ersatz vum BEP PS. En HAB2 PS, wéi gesot mat 2 oder mat 3 Niveaue kann een do fueren. Dat bréngt also de Virdeel, dass ee méi ka bauen, méi Wunnraum ka schafen.

Zum Dossier 4. Modifikatiounen an der Zone verte am PAG. Natierlech och hei d'Waldschoul, wou déi besteeënd Zon BEP vergréissert gëtt duerch eng Partie vun der Zone verte, déi reklasséiert gëtt. Dat ass am Sënn fir méi eng grouss Flexibilitéit och hei ze hu fir Aménagement oder Reaménagement um Site fir Besoins d'utilité publique ze hunn. Eng Ufro vum Team Wildnispädagogik läit vir, fir dass do soll e Blockhaus gebaut gi fir eng Méiglechkeet ze hunn, dat hate mer an der Schoulkommissioun jo och héieren, dass do eng Verstärkung vun der Ekip ass. D.h. méi Stonnen, dat bréngt dann och automatesch Dedoublerter. An de Kllassesall, dee mer nach do hunn, do felt et dann natierlech un enger Raimlechkeet. Sou wär dat also eng flott Saach, fir do kënnen dann ze profitéieren an do kënnen e Blockhaus mat Kllassesall asw. kënnen ënnerzebréngen.

Schlussendlech kommen ech dann och zum CGDIS. Ech fannen et e bëssen traureg, wann ech d'Madame Kayser héieren iwwert de CGDIS schwätzen. Si war jo vun Ufank un éischer dofir, dass de CGDIS sollt op Beetebuerg kommen. An als gutt Diddelenger si mer awer hei, fir d'Diddelenger Interessen a Bevëlkerung ze vertrieben an och mengen ech wäerte mir alleguer frou si wann de CGDIS och op Diddelenger Territoire wär. Wat awer och net verhënnert, dass do, wou e läit, ass e jo och ganz séier iwwert d'Autobunn direkt zu Beetebuerg. Ech mengen do misst awer trotzdem eng gemeinsamen Demarche do sinn, fir dass dee CGDIS heibleift. An ech denken dass déi Ëmweltkompensatiounen, déi dann nach ze realiséieren sinn, déi doranner bestinn, eng Partie vun der Zone d'activité économique nationale a Zone de verdure ze reklasséieren, an zwar soll do just dee Korridor vun 30 Meter fir d'Hieselmaus am Oste vum Terrain zur Autobunn hin unzeleeën. Dir schwätzt vu 640.000.- Euro. Et muss ee kucken, ech denken net, dass d'Gemeng déi eleng muss droen. Dat gi mer jo da warscheinlech gewuer. Mee ech fannen, dass souvill Demarche gemeet sinn dass mer trotzdem elo mat deem heite Schrëtt wierklech prett si fir d'Mise en procédure an dass dann endlech kéint Stullgang an déi Affär do kommen. Ech soen lech Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll och eng kleng Stellungnam zum CGDIS huelen. Ech wëll awer hei elo soen, ech sinn an deem Dossier do net dran. Do sinn 3 Direktiounen, déi do befaasst sinn, dat sinn d'Operatiounen, dat ass d'Stratégie opérationnelle an dat ass eng Kéier d'DML. Do hunn ech weider elo och keen Abléck drop. Ech wëll awer kuerz eng Äntwert ginn op der Madame Kayser hir Fro. Dee Site do. Firwat dee Site do? Wat ech awer weess, et ass net ëmmer PNOS, mee dach, de PNOS ass den Opdrag, deen de CGDIS huet, an dee seet ënner anerem, dass mer wëllen am ganze Land a 15 Mi-

nutzen all Eck am Land, zu 95% mengen ech sinn et, errechen. An doropshi gëtt och eng Analys vun der Couverture gemeet. An ech mengen déi ass och do op deem Site gemeet ginn, an dat muss een och mat a Betracht zéien. Ech menge war mer kucken, an déi Richtung Keel-Esch dorower, wéi vill Asazentre mir do hunn an dann an déi aner Richtung. Dat ass alles bei där Couverture do, also bei där Analys, mat a Betracht gezu ginn. Dat ass am Fong gheoll och d'Ursaach firwat deen dote Site. Do ass eng Analys gemeet ginn an déi huet dat do ausginn. Wéi herno decidéiert ginn ass wéi, wou, wat, do kann ech elo net matschwätzen. Do wëll ech och net matschwätzen. Dat ass och net mäi Beräich.

Ech kann awer aus Erfahrung schwätzen, an ech sinn an deene leschten 30 Joer vill Urgencen hei am Raum Beetebuerg, Diddeleng gefuer. An et ass effektiv immens schwéier téschent Diddeleng a Beetebuerg mat schwéiere Camionen ze fueren. Et ass ganz vill Verkéier, dat wësst Dir alleguer, dat brauch ech lech hei net ze soen. Do ass et immens schwéier ze fueren. A wann ech aus Erfahrung schwätzen, dee Site do, do kënnt een an déi zwou Richtungen awer relativ einfach verkéiers-technesch hin. Dat ass lo meng perséinlech Meenung. Mee wéi gesot, dat anert, dat ass eng Analys vun der Couverture, déi gemeet ginn ass. Dat heescht, do waren 3 Direktiounen, déi mat dru geschafft hunn. A bon, meng Aufgab als Zon, wann ech do Infoe kréien, dann ass et och meng Aufgab, de Gemengen déi weider ze ginn, mee ech kann lech awer soen, bis dato hunn ech keng Informatioun zu all deene Projeten do. Mee soubal dat ass, wäerte mir awer och do als CGDIS d'Gemengen informéieren. Ech soen lech Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. D'Madame Ahmedova huet schonn immens vill vun eiser Positioun gesot, quasi alles. Et waren eis elo nach e puer Saachen opgefall, respektiv déi hei am Discours e bëssen opkomm sinn. Dat hei ass en Dossier fir mech deen nei ass, offensichtlech. Ech hu mech duerch sämtlech Dokumenter duerchgequält deelweis. Et war ganz spannend. Et huet een immens vill Saache bäigeléiert. An dat, wat ech fir mech erausgezunn hunn, dat ass am Fong, dass déi energetesch Transitioun wierklech an déi richteg Richtung geet. Dat liest een hei ganz kloer eraus aus den Dokumenter. Zu deem, wat elo grad geschwat ginn ass, déi Stéchstrooss hannert engem LNS mat deem, wat alles elo dohinner kënnt, do ass mir perséinlech lo just d'Iddi an de Kapp komm: Et gëtt jo eigentlech schonn eng Stéchstrooss téschent Beetebuerg an Diddeleng an déi dote Richtung. Déi läit op där anerer Säit vun der Autobunnsbréck bei Liberty Steel am Wolser 2 wann ech mech net ieren, heescht deen esou.

Vläicht ass et jo einfach fir laangfristeg ze kucke wéi een et hikritt, fir déi besteeënd Infrastruktur, déi et do scho gëtt, ze notzen an eventuell mat engem Fouss ënnerwee, mat enger Unterführung ënnert der Autobunn erduerch – laangfristeg, mir schwätzen net vum nächste Joer – vläicht do ze kucken, dass déi Leit an déi Zone industrielle kommen, well d'Potenzial op där anerer Säit einfach schonn do ass a well eng Strooss op där anerer Säit vun der Autobunn och erauskënnt. Dat heescht, natierlech net just als Gréngen, mee och

als normal denkende Mënsch denken ech brauch mer net zwou Stéchstroossen op där enger Säit an op där anerer Säit vun der Autobunn. Dat wier dat.

An eppes Klenges, wat mer opgefall ass. Do hat ech vläicht dee Moment ze vill d'Kap vum Vélo un, dat ass am Règlement sur les bâtisses, am Kapitel 2 Artikel 36, war och hei kuerz ageblent, iwwert de Stationnement vun de Vélosparkplazen. Do stoung dran 1,5 m² fir déi liicht zweeriedereg Transportmëttel, wat jo soll de Vélo, d'Trottinett a sou weider duerstellen. D'E-Bikes, déi sinn à la base als liicht aklasséiert, mee déi si richteg schwéier. An deemno wie mer do wëllen op de Vélo kréien, deen de Vélo net onbedéngt als Trainingsinstrument gesäit, deen hält awer vläicht éischter den E-Bike an huet Schwierigkeiten, sou en 30-kg-Täissel an d'Luucht ze hiewe fir un de Krop ze hänken. Sou dass do riskéiert, bei verschiddene Leit, datt se soen: Jo, a mengen Appartement ass keng Plaz, well ech kréien dee schwéiere Vélo net gehewen. Do wollt ech froen, wat d'Begrënnung war, fir dat op 0,75 erfrozbréngen. Oder ob dat mat beduecht ginn ass? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech muss soen, ech war och ganz frou an deem Aarbechtsgrupp ze sinn, well mer do och ganz interessant Diskussiounen haten, a well mer mengen ech, dat engagéiert elo just mech hei als e Rapport vun deem Aarbechtsgrupp, dass mer do eppes op d'Bee gesat hunn, wat awer mol raisonnabel ass. Dat engagéiert natierlech net meng Fraktioun, well ech net weess, wéi de Vott herno hei ausgeet. Mir haten dat jo scho beim PAG, dass ech mech do fierchterlech an d'Broscht geheit hat a gesot, mir hunn elo hei eppes Superes presentéiert. An iergendwéi ware mer net dozou komm mat der CSV, fir et awer ze stëmmen, dofir wëll ech mech lo hei net fir si engagéieren. Dat ass also méi e perséinleche Statement dat hei. Ganz vill Saache sinn haut e puer Mol gezielt ginn. Dem Här Steffen wéilt ech just äntweren op seng Iddi fir op där Stéchstrooss do duerch d'Zone industrielle. Déi ass schonn zënter Jore gespaart. Et ass schued, dass hie lo net do ass, mee Dir kënnt him dat da weiderzielen. Déi ass zënter Jore gespaart, si kënnt hannen op der Nærzengerstrooss eraus an ech mengen do ware gravéierend Sécherheetsproblemer, déi do de Grond waren. An ech mengen et wär net sënnavoll fir lo ze fuerderen, fir déi Strooss erëm opzemaachen.

An ech hunn am Fong just eng konkret Fro, an dat geet ëm de ganze Volet énergétique. Wann ech dat lo richteg verstanen hunn, mir hunn déi Circulaire do kritt wou drasteet, fir Saache wéi Photovoltaik sollt een am Fong keng Autorisatioun méi froen. A mir hunn awer elo festgehalten hei zu Diddeleng, dass mir trotzdeem do nach géifen Autorisatioune froen. An da kommen ech op de Volet vun de Wärmepumpelen. An aus aktuellem Interesse, well ech do konfrontéiert gi si vu Bierger well et do warscheinlech zu enger Eskalatioun vun Nopersträit kënnt wéinst enger Wärmepumpel, wollt ech do einfach eng Kéier kloer Saachen definéiert hunn, an da fannen ech et och wichteg, dass déi hei gesot ginn. Dat hei geet jo raus, dat ass jo eng ëffentlech Sitzung, sou dass och d'Leit dobaussen déi konkret Problemer do kennen noliesen. An zwar geet et ëm d'Wärmepumpelen

am Recul latéral. Do ass jo gesot ginn, de Recul latéral muss 2,50 m hunn awer e ka mat der Wärmepompe op 2 m reduzéiert ginn, dat heescht eng Wärmepompe gëtt supposéiert 50 cm déif ze sinn. An da komme mer op déi Wäerter. Also meng Fro ass jo dann: Eng Autorisatioun muss een och nach fir eng Wärmepompe hunn. Ass dat richteg? An da komme mer op déi Wäerter. An do hunn ech an deene villen Dokumenter, déi ech elo am Laf vun de Joren zesummegesammelt hu souvill verschidde Variante fonnt, dass ech einfach wéilt froen, ob mer konkret eng Kéier kéinten déi Wäerter gesot kréien? Ech hunn nämlech an der Publikatioun vun der Circulaire e Wäert fonnt fir d'Nuecht, an deem ech awer elo hei, wann ech richteg gutt gekuckt hunn, an eisem Dokument net méi rëmfannen. Dat ass awer e Problem grad bei Noperen, déi net eens gi well deem een eng Wärmepompe huet, déi ze vill Kaméidi mécht. An dat ass haaptsächlech an der Nuecht, wou déi Leit gestéiert sinn. An do hunn ech héiere vu Leit, déi sinn einfach an eng Kummer hannenaus geplënnert, well se net méi konnte schlafen. Dofir, wann Der mer déi Wäerter vläicht kéint konkret matdeelen a wéi et mat den Nuetswäerter ass? Da misst ee vläicht och kuerz de Leit soen, wou déi Wäerter gemooss ginn a wien déi Wäerter miesst.

Dat heescht, wa lo een Noper ass, dee sech beanträgt fillt vun dem Kaméidi vun der Wärmepompe misst dee jo eigentlech kënnen eng Ulaftell hunn, wou ee ka soen, kënnt Dir mir mol wannechgelift hei moosse kommen, wéi et mam Noper senger Wärmepompe ass? An da stellt sech d'Fro: Wou ginn déi Wäerter gemooss? Do hat ech iergendeppes an Erinnerung, dass se bannen an den Zëmmere vun deem Noper dee freet, gemooss ginn. Mee d'Leit hunn awer och e Problem am Summer, wa se op der Terrass sëtzen. An da kann een dat vläicht och nach klären: Wie miesst dat a wou gëtt gemooss? A réckwierkend misst een natierlech och kënnen moossen. Dat heescht, wann et zu enger Diskussioun tëschent Nopere kënnt, da misst ee jo och kënnen op d'Plaz goen an dat nomoossen. An dat war am Fong mäin Haaptuleies hei, eeben aus aktuellem Grond, dee mer zougedroen ass vu Leit, déi betraff sinn.

An dat wat ech scho gesot hat, mat der Photovoltaik, déi muss jo ëmmer nach eng Autorisatioun hunn, och wann d'Circulaire proposéiert hat, datt mer dat sollten ewechloossen. Fir de Rescht fannen ech dass mer hei vill Saache ganz sënnvoll gemaach hunn. An op déi e bësse méi kriddeleg Punkte ginn ech da perséinlech léiwer net an. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Gangler. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech d'Wuert weider souwuel un de Jean Brodeur wéi och un d'Mataarbechter aus eisem Service Architecture et domaines, déi sécherlech op eng Rei Punkte wäerten agoen an da ginn ech op déi e bësse méi politesch Consideratiounen an.

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Zu de Froe bei der Schoul Gaffelt, firwat et e BEP gëtt. Et ass am einfachste mat enger Zon BEP fir e Gemengeprojet do ze realiséieren. Dat kann eng Spillplatz sinn, et kann awer och just Hochbeeter sinn, eng Classe verte. Dat heescht do hu mir, vu que dass mir

jo och Proprietär dovunner sinn, hu mir jo och all Interêt, et sou einfach ze loosse fir d'Gemeng wéi et eebe méiglech ass. Wat d'BEP PS ugeet, firwat déi net méi do ass. Dat ass u sech e bësse wéi den Här Zuang erkläert huet. D'BEP PS, déi ass ersat ginn ënner anerem duerch d'HAB2 PS. Firwat? Et war och e Wunsch e bësse vum Ministère fir ze soen, dass een net soll eng BEP PS maachen, wou just eng Gemeng kann e Projet realiséieren. An doropshin hu mer déi Sitten eeben all nach eng Kéier duerchgekuckt, a wou mer nëmme reng Wunnensbau wéilte maachen, do hu mer dann d'HAB2 geholl PS. An an deene méi grouse Sitten hu mer se bei der BEP gelooss, well mer do och wëssen, dass aner Amenagementer dobäikommen, wéi z.B. d'Sporterweiterung oder d'Tennisterrainen op där anerer Säit. Dofir konnte mer do d'BEP sou si loosse.

Wat och d'Reglementer ugeet, do hu mer u sech genau dat nammlecht wat d'Héichten, d'Déiften ugeet, wéi mer et och an enger HAB2 bei engem HAB2 B oder C3 hätten. Dat heescht, d'Héichten, déi bleiwen do och déi nammlecht. Wat d'Crèche ugeet an der HAB1, dat war och scho virdu méiglech. Dat heescht, et ass awer just méiglech an enger HAB1C a se muss op enger Route nationale leien. Dat heescht, do bleiwen net méi souvill Stroossen. Dat ass d'Näerzengerstrooss, a vun deenen 200 m², dat ass eng 200 m² brutto Fläch, dat heescht, do bass de bannen nach op 160 m², wat wierklech nach fir eng Crèche net ganz vill ass. A fir den Exploitant dann dat vläicht och net méi ganz interessant ass. Natierlech Parkplaze muss se egal wéi och schafen, wéi dat am Kapitel 20 vum PAG Partie écrite virgesinn ass.

An da kommen ech direkt bei den LNS. Déi baue jo gär eng gewësse Surface bäi. A pro Tranche vu 40 m² muss se Parkplazen, natierlech neier, och schafen. Ob dat elo duergeet oder net. Et zielt fir all Commerce. Dat heescht all Bürosgebai muss eebe seng 40 m² hunn. Si si sech der Problematik awer och scho bewosst, a si sinn och am Gaang, mat hire Leit e bësse ze kucken, wat et fir aner Méiglechkeete ginn. Respektiv wëlle se eventuell och méi op de Co-voiturage goen, dass se sech doriwwer e bësse kënnen opdeelen. A respektiv och den öffentlechen Transport, wou se hir Leit méi wëllen drop pushen. Dat ass emol zu deene Froen. Mam CGDIS, do ka vläicht een aneren e Wuert soen.

EVA GOTTSCHALK, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Jo, déi Fro, déi gestallt gi war, wéinst der Crèche Italien, wéinst do engem eventuellen Amenagement an der Gréngzon. Sou Saache sinn natierlech theoretisch méiglech, sou eppes ëmzeklasséieren, mee do schwätzt natierlech dann den Environnement mat. Do muss ee kucken, wat ass dat fir en Zon? Ass dat iwwerhaupt méiglech? Muss e een do vläicht eng Kompenséierung maachen? Dat kann ee préiwen, mee wann et eng Natura 2000 ass, da gëtt et ganz schwéier, do iwwerhaupt eppes ze maachen. Mee et ass den Environnement, deem do kompetent ass fir do ze decidéieren. Dann och zum CGDIS, do kann ech soe wat mir wëssen. Déi Bach gëtt ëmgeluecht a renaturéiert. Et sinn déi zwou Saachen, déi gemaach ginn. Déi gëtt dann hannert de CGDIS geluecht, sou datt ee ka vir vun der Strooss op den Terrain drop fueren. Well soss hätt ee missen

iwwert Baach fueren. Vlächcht gëtt et dann hannert dat Gebai geluecht, wou momentan Stand der Dinge ass. An déi Sträif laanscht d'Autobunn ass dann eebe fir CF-Moosnamen, also Kompensatiounsmoosnamen, déi mussen am Virfeld gemaach gi wéinst den Haselmäusen a wéinst aner Déieren. Dowéinst ass déi Zone de verdure déi do geschaf gëtt, genau wéi eeben NeiSchmelz, fir ze garantéieren, datt déi Mesuren do bleiwen. Well déi muss ee jo 25 Joer garantéieren. Wat do bezuelt gëtt, dat sinn Ökopunkten, déi musse bezuelt gi well eeben net da ka kompenséiert ginn.

Do sinn och ganz vill Moosnamen nach op aner Terraine gemaach ginn, net an der Émgegengend vum CGDIS. An do ass awer de Ministère de l'Economie féierend, dat heescht, datt mir net dat bezuelen. Bei NeiSchmelz do ass et d'selwecht. Do ass et dann de Fonds du Logement, well si Développeur si vun deem Terrain, respektiv vum Projet, si mussen dann déi Ökopunkte bezuelen. An déi muss een eebe just da bezuelen, wann een net ka kompenséieren. An do war jo nach de Bassin de rétention, déi Fro gestallt ginn. At ass keen oppene Baseng, just ënnerierdesch. Dat heescht, do besteet weder Gefor vun Insekten nach dass ee vun der Öffentlechkeet kann drafalen. Voilà, deen ass geschlossen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen. Ech wollt nach froen, wa mer dee BEP2 / BEP PS op HAB2 PS maachen, dat ass en neie Moment fir mech. Dat heescht, et ass dann och méiglech, dass dann eeben net öffentlech Bauleit wéi d'Gemeng oder der Fonds du Logement, me och privat Promoteuren oder z.B. de Kierchefong kënnen bauen. Ass dat sou gesot? Mee déi musse sech awer drun halen, dass dat awer e Projet social gëtt. Ass dat richteg esou? Duerch déi HAB2, wa se an enger HAB2 PS bauen. Ass dat esou?

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Jo, den HAB2 PS, dee gëtt et awer just op 2 Sitten, an dat sinn ëmmer ons Sitten. Mee theoretesch...

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): ... kéint een et weiderginn un en anere Constructeur zum Beispill. Ass dat sou geduecht?

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Jo, dat wär theoretesch méiglech, mee d'Gemeng wëll jo awer hir eege Projets abordables réalisieren. Wéi gesot, et ass méi op Ufro vum Ministère de l'Intérieur komm fir eebe kënnen herno och eng Méiglechkeet ze hunn, dass aner Proprietären a sou enger Zon iergendwann eng Kéier dann och eppes kéinte réalisieren. Et ass awer elo nëmmen den Eecherdall an dann de Bierengerhaff.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An dann hätt ech nach eng Fro zu där Saach mat der Crèche an Italien. Dir hutt gesot, do muss een ufroen, eng Demande maachen. Hu mir déi da scho gemaach? Well déi Demande vun der Crèche awer och kënnt a schonn e puer Mol gesot ginn ass... Hu mer dann do schonn eng Demande gemaach, ob mir kënnen hei en Haischen oder en Unterschlupf iergendwou an der Géigend vun der Haard bauen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Merci, lo si Stellungnamen, Froen, Äntwerten. Madame Di Bartolomeo-Ries, respektiv eis Servicer. Den Här Steffen huet nach eng Fro. Da fuere mer mat der Froeronn weider.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Déi enchainéiert sech e bëssen un dat, wat d'Madame Kayser elo grad gesot huet. Zu Schëffleng, do gëtt et eng Bëschspillschoul, déi hu sou e Chantierscontainer, de Peter Lustig hat ëmmer sou eppes. Dat ass näischt Fixes. Dat geet duer fir opzespäere fir d'Kleeder dran ze maachen oder d'Bëschsaachen. Wier dat net eng Méiglechkeet, fir dat doten ze ëmgoen, dass ee misst eppes an eng Zon A aginn? OK. Da wollt ech just nach nohake mat der Vélosparkplaz. Do hate mer lo net driwwer geschwat. Merci.

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Firwat hu mer dat mat de Véloer vun 1,5? Do steet dran: "peut déroger". Dat wëll soen, wann s de lo eng gréisser Residence baus, da bass de séier op 40 – 50 m² Vélosraum, deen s de muss maachen. Mir wëssen awer och aus Erfahrung a Residencen, dass d'Hallschent vun de Leit, eeler Leit, déi hunn net onbedéngt e Vélo. A wann s de en Appartement keefs vun 120 m², da muss du theoretesch scho 4 x 1,5, dat heescht 6 m² hu fir däi Vélo. Et gëtt jo och Systemer, wou ee kann ophänken. Da kënnen mer jo soen, fir d'Hallschent si mer bereet, eng Derogatioun ze ginn. Ech si souwisou der Meenung, wann ee säi Kellerraum méi grouss mécht, da brauch een net onbedéngt e Local de vélos, well sou e Vélo kascht jo och deemno wéi 6000 – 7000.- Euro, dee géif ech net gären an e gemeinsame Lokal setzen, muss ech och soen. Du hues jo och Kannervéloer, déi och nach dobäikommen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ganz kuerz zur Crèche. D'Madame Gottschalk hat zwar schonn zum Deel geäntwert, mee mir ware selwer, d'Madame Gottschalk an ech, bei der Crèche an Italien, a weeder op dem Terrain hannendrun nach säitlech kënnen mer sou eppes opriichten, well dat einfach net d'Sécherheitsmesuren ergëtt fir do Kanner hin ze loossen. Dann ass et awer sou, datt mer deen Ënnerstand, deen op der Haard ass, dat wësse mer jo alleguer, dass mer deen hu missen ofrappen an eng Demande maachen. Mir kruten den 21. September 2021 de Refus vum Environnement, datt mer do näischt méi dierfen opriichten. An dann ass et awer och sou, datt si e Bollerwagen hunn a si d'Kanner an de Bollerwage setzen. An et ass virun allem fir déi 3- 4-jäerig, déi gi ganz vill op d'Haard dorobber an déi brauchen net onbedéngt en Ënnerstand. Mee et ass den Environnement, deen eis de Refus ginn huet.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Prezisiounen. Da géif ech vlächcht op e puer aner Consideratiounen agoen. Virop wëll ech mol Merci soe fir all déi Interventiounen awer och déi positiv Approche déi mer haten zum an am Aarbechtsgrupp, fir dat heite virzubereeden. Do an deem Kader konnte jo eng Rei Saache preparéiert ginn en vue vun der Reunioun vun haut, an dat ass jo och e Modus dee mer agefouert hunn am Kader vun der globaler Refonte vum

PAG. Da begréissen ech och déi méi generell Approche, d'Madame Ahmedova an den Här Zuang hunn de Kader gesat, e méi generelle Kader, an deem mir eis hei be- weege ronderëm de PAG, a wat heescht et Modification ponctuelle vum PAG ze maachen. Déi global, méi holis- tesch Approche am PAG ass jo och en Instrument, wou mer eng Rei Saache méiglech maachen, respektiv net méiglech maachen, respektiv och de Kader setzen, wéi Diddeleng sech weider generell entwéckele kann. An da koumen och nach vun deenen anere Riedner méi punk- tuell Elementer zur Diskussioun. Mol méi sachlech, mol méi opgereegt. Ech mengen ech fänken einfach mol un, op déi verschidde Punkten anzegoen. Et waren eng Rei méi technesch Saachen op déi hei agaange ginn ass.

Ech fänken einfach mol bei der Madame Kayser un, déi e bësse méi sachlech ugefaangen huet an duerno e bësse méi opgereegt opgehale huet. Dat ass jo kee Problem. Ech wëll awer och do eng Rei Saache kloerstellen, déi sou net stëmmen. Ech mengen dass mer absolut net de Moment verpasst hunn, Koibestrachen ze entwé- ckelen. Et war ganz kloer ëmmer d'Ausrichtung, dass Koibestrachen eng national Zon gëtt duerch déi Plan sectoriellen, déi a Kraaft getruede sinn ass et och eng national Zon, wou mer natierlech weider d'Méiglech- keet kréien, dat war jo och Bestand vun der Diskuss- ioun vun haut, dass de Staatslabo ka weider ausgebaut ginn, respektiv an deem dote Kontext. Dofir, de Verglach mat Esch kann een net halen, deen ass mengen ech net richteg. Well hei de Staat muss higoen, wann déi doten national Zon weider ausgebaut gëtt, souwuel e Finanzministère wéi och e Wirtschaftsministère, déi jo zesumme muss kucken, vu dass ganz vill Parzellen do sinn a vill verschidde Proprietären. A mir déi Terrainen dann och mussen opkafen fir dass eng national Zon do entstoe kann. Dat ass e Prozess, deen natierlech seng Zäit dauert. Dofir, déi Argumentatioun, déi Dir virféiert: Éischtens, eng Stéchstrooss ze maache vun der Lëtze- buergerstrooss Richtung Nærzengerstrooss, déi fält och domadder. Well wann een dat doten entwéckelt, et ass jo net déi éischte Kéier. Dofir froen ech mech heian- do e bëssen, wéi Dir un e PAG oder e PAP erugitt.

Also elementar Kenntniser, et weess ee jo, wann een eng Stéchstrooss wëll maache matten an der Pampa, wou privat Proprietäre sinn, ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier gesot, dann ass dat net méiglech. Da muss een als éischt emol e PAP maachen, respektiv och Pro- prietär si vun den Terrainen. Einfach esou eng Stéch- strooss, déi mécht een net. Et gëtt eng gewësse Ko- herenz an engem PAG, et gëtt eng gewësse Koherenz an engem PAP, wéi een dann eng Zon entwéckelt. Do kann ee sécherlech Stroosse mat abauen. Mee Stroos- sen, Stroosseféierung, do ass och eng konnex Planifika- tioun ze maachen. Dat klängt natierlech ëmmer gutt no baussen ze soen, mir fuerderen elo eng Stéchstrooss, mee da mussen och d'Elementer do si fir dat kënnen ze maachen, respektiv e gesamt Developpement. Einfach dat nëmme sou mantraméisseg wéi eng Monstranz vir- féiere fir ze soe mir wëllen eng Stéchstrooss, dat ass am Fong déi falsch Argumentatioun, well e bësse méi eng generell Approche hei néideg ass.

Déi zweet Argumentatiounsfal, déi mer hei opgefouert gëtt, dass et net schnell genuch weidergeet. An Dir

mentionéiert hei ëmmer Esch. Mee zu Esch, wat do entsteet, dat ass op enger Friche, an op enger Fri- che, do ass de Staat Proprietär. Dat war am Kader vun där ganzer Consultatioun, vu dass jo och d'Uni op Esch Belval kënnt, also Esch, respektiv Suessem, et si jo déi zwou Gemengen. An do ass et dat selwecht fir dee Pool Santé, deen do entsteet. Do sinn am Fong ganz aner Konditiounen, déi scho virun iwwe 20 Joer kreéi- ert goufen, fir dat kënnen haut ze erméiglechen. Dat heescht, déi Argumentatioun hei virzeféieren, déi ass komplett falsch. An dat wat eng Realitéit war op deem dote Site, um Esch-Belval, ass jo haut eng Realitéit op de Friche, respektiv am Kader vum Projet NeisSchmelz. Dat ass mol dat par rapport zu där doten Entwécklung an der Entrée vun Diddeleng, déi eng koherent Appro- che brauch um Niveau vun hirer Entwécklung a wou eng ganz Rei Acteuren dru sinn.

Dann, par rapport zum CGDIS. Jo, dozou wäert ech och nach eppes soen. Och wann d'Virriedner, den Här Zu- ang an den Här Goergen eppes dozou ganz kloer gesot hunn. Mir stoungen ëmmer dozou, dass de gemeinsa- me CGDIS op Diddeleng kënnt an de CGDIS huet eis an deenen Demarchen ëmmer ënnerstëtzt. A wat een hei ka soen, dass an deene verschidde Etappen, dass de gemeinsamen Zenter Diddeleng-Beetebuerg op Did- deleng kënnt, dass dat effektiv net de Merite ass vun der Diddelenger CSV. Bei dem Plan sectoriel, wéi mer hei d'Ännerunge gemeet hunn, wat den éischte Schratt war, fir ze erméiglechen, dass de gemeinsamen Zenter op Diddeleng kënnt, huet d'CSV dat net matgedroen.

Wéi mer d'Refonte vum PAG gemaach hunn, wou mer festgehale hunn, dass mer dat aus der nationaler In- dustriezon eraushuele fir an eng BEP-Zon fir dass de CGDIS kann dohinner kommen huet d'CSV dat och net matgedroen. An elo si mer den 3. Schratt, d'Vote vum PAG mat de Kompensatiounsmoosnamen. Haut maache mer jo d'Mise en procédure, haut ass net den definitive Vott. Et si jo nach eng Rei Etappen, dofir hat ech virdru jo nach eng Kéier de Kader gesat vun der Demarche, déi mer haut maachen, et ass d'Mise en procédure. Da gesi mer op alle Fall, wéi Dir lech do positionéiert. Mee ech sinn op alle Fall frou, ganz zefridden, dass bis elo de CGDIS, de Verwaltungsrat mat senger staatlechen an och senger Gemeengevertrieder duerch seng Decisioun méi zum gemeinsamen Zenter steet wéi déi Diddeleng- ger CSV. An ech mengen dat och aus enger ganzer Rei Grënn, déi och hei virgefouert goufe vum Här Goergen, eng ganz Rei Grënn ronderëm den Asaz a ronderëm de PNOS. An de CGDIS wäert jo hei och Bauhär sinn. Ech mengen dass dat e ganz positiivt Element ass un deem mer haut och weider kënnen dru schaffen an och haut eng Etapp weidergaange sinn am Kader vun der Proze- dur déi mer hei starten. An op dee Montant vun deenen effektiv 640.000.- Euro, vu dass et e staatleche Projet ass a mir hei de Kader schafen, fir dass dee staat- leche Projet Realitéit gëtt, ass et och um Staat, déi dote Fraisen deementspriedend ze iwwehuelen. Dat zu deem dote Volet, par rapport zur Interventioun vun der Madame Kayser.

Da par rapport zu der Interventioun vun der Madame Ahmedova. Do wëll ech och nach eng Kéier preziséieren. Si fënnt et schued dass mir den Tiny Houses an deem

MOPO net Rechnung droen. Dir wësst, dass mir am Kader vum Groupe de travail lech engersäits informéiert hunn, dass mer réischt kierzlech iwwert e Règlement-type saiséiert goufe vum Inneministère, wéi Tiny House kënnen ausgesinn. Dat wäerte mer och maachen an engem nächste Groupe de travail, dass mer doriwuer wäerten diskutéieren, iwwert de Règlement-type. Deen awer, dat hunn d'Servicer mer hei confirméiert, deen effektiv Mëtt Oktober un d'Membere vu Aarbechtsgrupp geschéckt gouf. Dat heescht, Dir sidd en Possessioun vun deenen Dokumenter, déi mer do effektiv kuerz ugeschwat hunn a vermaillt hunn. Mir wäerten dann natierlech och an engem nächste Groupe de travail d'Tiny Houses gesinn an och kucken, op wéi enge Plaze sou Projete och méiglech sinn an och an de Gemengerot komme. Et ass um Groupe de travail fir dat dann deementspriechend och opzebereeden.

Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madame Thoma. Mir hunn hei eng koherent Approche, wat d'Eröffnung vum Bauperimeter ass. Bei der Refonte vum PAG hate mer et jo eng Kéier gemeet par rapport zum Déierenasyl. Dat ass e Projet d'utilité publique. A mir bleiwen an darselwechter Logik och hei bei der punktueller Modifikatioun vum PAG. Dat reit sech a Fong ganz kloer an déi Logik an. A fir eis ass och ganz kloer, dass wann um Niveau vun de BEP-Zonen, respektiv awer och um Niveau vun enger HAB1 vum Eecherdall zum Beispill, bei sou Projeten, wou och d'Gemeng Proprietär ass vum Terrain och Bauhär wäert bleiwen. Natierlech wäert do och e Logement abordable kommen. Dat ass och an deem Kontext, wou mer eis am Kader vum Pacte Logement 2.0 och verflucht hunn an Diskussiounen, déi mer jo deementspriechend hei am Gemengerot och haten. An dann nach zu den Ausféierunge vun Här Steffen. Dat hätt ech virdrun och kënne mat ranhuelen, wat och Koibestrachen ugeet mat der Stéchstrooss. Et ass jo sou, déi Zone industrielle Wolser gétt geréiert vum Wirtschaftsministère. Do war eng Zäit op, an du goufen et och Sécherheetsproblemer, well dee méi industrielle Verkéier, deen Zouliwwer zu awer gréisseren Industrien, déi mer do hunn, mat deem normale Verkéier, dass dat ganz problematesch Situatiounen waren an iergendeng Kéier de Wirtschaftsministère d'Decisioun geholl huet, vu dass si och responsabel sinn an en charge si vun der Alldagsgestioun vun deem dote Site, dass se do zoumaachen an dat ass eng Decisioun, déi virun enger Rei Jore geholl gouf.

Ech mengen ech hat probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen, ob déi technesch Elementer gouf och agaangen. Dat wat mer haut jo maachen, ass d'Mise en procédure vun der Modification ponctuelle. An Dir hutt jo och gesinn an Ären Dokumenter, dass hei da 5 Dossiere presentéiert goufen, mee dass am Fong bei 4 Dossieren e Vott ass. Dat heescht 3 separat Votte wat d'Modification ponctuelle vum PAG ugeet. Dat ass am Fong den Dossier 1, den Dossier 3 an den Dossier 4. An dann ass nach ee Vott fir d'Approbatoun vum Règlement sur les bâtisses. Sou dass am Fong 4 Votten ze huele sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt mer just erlaben, ganz diskret ze froen, wéi dat lo mat der Äntwert op meng Froen iw-

wert d'Wärmepumpelen ass, well ech do keng Äntwerte kritt hunn. Mat de Wäerter an ob een eng Autorisatioun brauch.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Do wäerten eis Servicer drop äntweren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Nach eng Zousazfro. Ech hat eebe gefrot och dat Stéck, wat mer bei Koibestrache elo ëmklasséieren, dat war e Stéck vun eiser kommunaler Zon, well mir hu jo do eng kommunal Zon. Kréie mir do eng Kompensatioun, wa mir dat elo dem Staat ginn? Verstitt Der wat ech mengen? Mir hu jo eng Zone nationale an eng Zone communale op Koibestrachen. An dat Stéckelchen, do huet et geheescht, dat war jo kommunalen Terrain. An dee gétt jo lo dem Staat souzesoen zur Verfügung gestallt. Meng Fro ass, wéi do d'Kompensatioun ass. An dann, Dir hutt zu Recht gesot gehat, do si vill Privathaiser, privat Terrainen. An Dir hat mer 2021 scho versprach, dass d'Ministère do déck um Verhandele sinn. Lo ass meng Fro, Dir wësst dat bestëmmt: Wéi vill Terrainen huet de Staat da lo scho kaaft? Wéi gesäit et aus mat deem Ausbau vun där Zon? An hu mer do schon aner Projeten, déi an der Pipeline sinn? An ech wollt awer och eise Vott dann erklären. Den Dossier 1, obwuel ech lo vill gemault hunn iwwer Koibestrachen, dee géife mer awer matdroe well et an déi richteg Richtung geet. Mir hu gesot, mir mussen Aarbechtsplaze schafen a wa mer den LNS erweideren, si mer op där richteger Pist. An dat mécht déi Zon vläicht och méi attraktiv, fir dass mer aner Servicer dohinner kréie wann dann de Staat genuch Terrainen huet, fir déi Zon dann och auszubauen. Ech hätt awer eng aner Fro.

Mir hunn e Problem beim Punkt 4. Mir géife jo do praktesch alles matdroen, wann net dee Punkt Wolser do och scho mat dra wär. Also et ass jo keng Méiglechkeet, fir dee separat ze votéieren? Well d'Rue du Nord, de Bassin, dat fanne mer natierlech wichteg, dass déi Modifikatioun gemaach soll ginn an och Waldschoul, Rue Dr Orphée Bernard, NeiSchmelz, do hu mer guer kee Problem. Mee Dir kennt eis Positioun zum Site Wolser fir de CGDIS. Well d'CSV ass net dergéint, dass de CGDIS soll op Diddeleng kommen, verdréint mer och net ëmmer d'Wieder am Mond. Dir wësst ganz genau, et war de Choix vum Site, dee mer net gutt fonnt hunn. Mir hunn ëmmer gesot, do musse mer Kompensatiounen maachen. An deen anere Site, dat wär eeben um Site Beetebuerg gewiescht, mee schliisslech an endlech si mer awer hei am Minett, do ass jo eng Gemeng sou gutt wéi déi aner. Also et war net drëm gaangen, dass mir net wëllen, dass de CGDIS op Diddeleng kënnt, mee et war drëm gaangen, dass mer e Site hunn, dee séier kann erschloss ginn. Mee bon, dat kënne mer wierkelech net matstëmme well mer eeben eng aner Approche hunn. D'Fro ass, ob mer dee Punkt Wolser eraushuelen, soss enthale mer eis bei deem Punkt beim Dossier 4.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: Merci. Ech ginn do nach eng Kéier kuerz drop an. Eis Servicer kënnen nach op déi Punkten agoen, wou den Här Gangler gefrot huet, respektiv och d'Madame Kayser, wou ech vergiess hunn Notten ze huelen, mee Dir hutt se bestëmmt do.

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Ech soen da mol et ass sou, mir hu 40 Dezibel, déi gi gemooss op der Grenz. A bei der Demande gëtt et e Logiciel vum Ministère de l'Environnement, do gëss de deng Wäerter vun denger Fiche technique an, an déi lees de bei deng Demande fir d'Baugeneemegung dobäi an dee Wäert, dee muss dann ënnert 40 Dezibel sinn. Mee effektiv, et gëtt keen Ënnerscheid gemaach tëschent Dag an Nuecht. Mee dat do ass awer och aus dem Règlement-type dee mer krute vun deene verschidene Ministèreen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Vlächicht just nach konkret, wann elo e Problem ass an d'Nopere fille sech belästegt, wéi ass de Virgang? Bei weem melle se sech?

TOM BERNARD, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Bei ons am Service dann. Gegebenenfalls musse mer da kucken eng Kéier mam Ministère de l'Environnement Récksprouch ze huelen. Respektiv mer soen de Bautepolizist, dass deen ech Schallmesser kritt an dann op d'Plaz kucke goen. Wéi gesot, et ass net evident. A mir wëssen och, déi eng Leit si méi empfindlech wéi anerer an du kanns et jo och schlecht komplett verbidden.

Dofir, wann et ënnert deene 40 Dezibel ass, da kann den Noper och leider Gottes näischt maachen. Mee wann et driwwer ass, da kritt e jo scho gesot bei der Demande: Hei, du muss dir en anere Modell eraussichen, deen doten, dee mécht ze vill Kaméidi. Respektiv wann et méi eng al Maschinn ass, déi haut schonn do steet, jo haut hu mer keng Ugab, wat de Schall ugeet. Dat heescht, do kënne mer net vill soen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER: War dat eng Äntwert op Är Fro? Gutt, OK. Ech mengen soss war alles beäntwert ginn och vun der Madame Kayser, vun technescher Natur. Vun den Terrainen, do ass, wéi bei all Diskussiounen, déi gefouert ginn, beim Staat ass et net anescht, wéi bei der Gemeng, wann een en Terrain wëll kréie vun Privatpropriëtären, da sinn dat ëmmer schwierig Negotiatiounen, dass ee sech eens gëtt ronderëm de Präis. A fir de Staat ass et och insgesamt wichteg, dat ass jo net anescht hei bei der Gemeng, wa mer mat Kafakten heihinner kommen, dass mer och eenheetlech Präiser hu wann Terraine kaaft ginn. Dass net sou eng gewësse Surechère entsteet. An et ass an deem Spektrum, wou och de Staat sech beweegt wann hir Commission d'acquisition, déi staatlech Kommissioun, wa se Staat Terrainen opkeeft, déi och pluridisziplinär besat ass, dat muss maachen. An am Kader vun der Zon ass jo och virgesinn, dass méi en informatesch-technologesche Park do soll entstoën. Och Recherche, fir kënne der Industrie zouzeschaffen, komplementar zum Staatslabo, vu dass mer vill Industrie hei hu fir och deenen ënnert d'Äerm ze gräifen. An ech mengen dass dat och eng Demande ass vun den Acteuren aus dem Industrieberäich au sens large, aus dem Wirtschaftsberäich au sens large.

Et ass kee Problem dass mer, wat den Dossier 4 ugeet, Wolser, dass mer do e Vote séparé maachen. Ech wëll awer just hei nach eng Kéier virféieren: Och dat ass eng Argumentatiounsfal, well schlussendlech soll de Standuert vun engem Asazcenter net gekuckt ginn no engem

Site, deen am schnellsten uschléissbar ass, mee no engem Site wou aus Asazgrënn am schnellste kann operationell sinn. Et geet hei ëm zivil Sécherheet. Et geet hei ëm déi Leit, déi am Alldag fir eis Sécherheet am Asaz sinn, an do ass deen dote Site aus Asazgrënn no Studien deen, wou am beschten ass. Et geet also hei net ëm eng Diskussioun vun Opportunitéit, mee ëm eng Diskussioun vun Asaz, déi sou schnell wéi méiglech, an deem Kader deen de PNOS eis gëtt vu 15 Minutten, kënne ëmgesat ginn. Et gëtt hei ëm d'Sécherheet vun der ziviller Bevëlkerung. Ech wëll dat hei awer nach eng Kéier ganz kloerstellen.

Vott

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUEGERMEESCHTER:

Da géif ech mam Dossier 1 ufänken. Wien ass domat averstanen, dass mer den Dossier 1, sou wéi mer en hei presentéiert hunn, an d'Prozedur schécken?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

Da komme mer bei den Dossier 3. Wien ass domat averstanen, dass mer deen an d'Prozedur schécken?

Dat ass dann och unanime.

Da komme mer bei den Dossier 4. Dat heescht Rue Dr Orphée Bernard, Waldschoul, NeiSchmelz, Rue du Nord. Wien ass domat averstanen, dass mer deen, sou wéi en hei presentéiert gouf, an d'Prozedur schécken?

Dat ass och unanime.

Da komme mer op de Projet Wolser. Dat ass d'Zone d'activité économique nationale, CGDIS. **Wien ass domat averstanen, dass mer deen, sou wéi en hei presentéiert gouf, an d'Prozedur schécken? Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, d'LSAP, Déi Lénk, ADR an d'DP. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? D'CSV.**

Dann den Dossier 5, respektiv dann de Règlement sur les bâtisses. Wien ass domat averstanen dass mer deen, sou wéi en hei presentéiert gouf, unhuelen?

Dat ass dann och unanime.

Da soen ech lech och hei villmools Merci.

Dat heite geet elo an d'Prozedur an da kritt dat jo deen néidege Follow-up, wa mer nach eng Kéier an de Gemengerot zrëckkommen, respektiv de Groupe de travail nach eng Kéier wäerten dertësentschalt fir dat dann opzebereeden. Villmools Merci fir d'Diskussioun. A Merci och eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter an och dem Jean Brodeur fir hir Presenz an hir Äntwerten. •

REPAIR CAFFE



Samedi/Samstag 09.03.2024 • 14:00-17:00



VeWa, 4 Place Thierry Van Werveke, L-3475 Dudelange

